VETERAN & VINTAGE CAR CLUB OF LUXEMBOURG a.s.b.l.
B.P. 2025 · L-1020 LUXEMBOURG
www.vvccl.com • vvccl@pt.lu

Millebaach, den 22. Mäerz 2019

MEMBRE

Invitatioun fir de Fréijoerstour 2019

Léif Memberen,

D´Buergen sinn gebrannt an et gëtt Fréijoer, héich Zäit also sou lues drun ze denken den Oldtimer nees aus der Garage ze huelen!

Fir eisen **Tour de Dégommage**, géinge mer äch gären sonndes den **5. Mee 2019** mat op d´**Wemperhardt** huelen.

Ab 9.00 Auer ass Rendezvous op der Cap um Parking vum Kichechef 69 Parc d´Activités Capellen, 8308 Mamer. De Kichechef stellt den Parking an offréiert ons Kaffi an Croissanten.

Um 10.00 Auer huelen mär den Depart a Richtung Éislek, op d´Wemperhardt bei den Massen. Hei ass een Deel vum Parking fir ons reservéiert.

No 12.00 Auer wann jiddwereen agelaf ass offréiert den Massen ons den Apero an dono gënnen mär ons am Salon Beletage folgenden Menü:

Entrée:	Herzhaftes Buffet mit dem Besten von Land & Meer
Haaptplat am live cooking	• US Beef rosa gegart mit Béarnaise • Krustenbraten vom Schwein mit deftiger Biersoße • Seelachsfilet auf den Punkt gebraten in Mojo Rojo Soße
Dessert:	Buffet mit Mini-Desserts und süssen Verrinen
Gedrénks:	Apero a Waasser iwwer Dësch inclus

Nom Iessen kënnt där entweder gemittlech beim Massen shoppen an dono fräi heemfueren, oder där fuert mat ons weider op d´**Weweler Mühle zu Burg Reuland**. Hei besichen mer d´**Fischzucht Ourtal** a kennen gemittlech nach eppes am Café oder op der Terrass drénken. De Retour dono ass fräi.

Fir äch unzemellen iwwerweist w.e.g. **50 € pro Persoun** op dem VVCCL säin CCP LU92 1111 0041 6288 0000
Vermierk : **Tour de Dégommage 2019** wann där just mat zu mëtten iesst,
oder **Tour de Dégommage 2019 Weweler Mühle** wann där och d´Visitt wëllt matmaachen.

Umeldetermäin: 20. Abrëll 2019

Claude Schwartz
Sekretär

Cotisatioun: De Keesjee géing sech freeën mat den Cotisatiounen kennen ofzeschléissen. Duerfir bieden mer déi Läit déi nach net cotiséiert hunn, den VVCCL awer weider ënnerstëtzen wëllen dëst nach nozehuelen.
De Comité seet äch Merci.